



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft
Georges Engel op d'parlamentaresch Fro n°5489 vum honorablen Deputéierten Jeff Engelen**

Et sieff fir d'éischt dorop higewisen, dass déi wirtschaftlech Situatioun an den USA net ze verglaichen ass mat der Situatioun an aanere Länner.

Den honorablen Deputéierten freet wéivill Leit zu Lëtzebuerg säit Ufank vun der Pandemie fräiwëlleg gekënnegt hunn an zwar wéinst der Kris.

Leider ginn et keng Donnéën déi eng Äntwert op dës Fro liwwere kéinten. Et ass och schwierig eng Schätzung ze maachen wat d'Unzuel vun fräiwëllegen Démissiounen ugeet.

Et wier zwar méiglech d'Unzuel vun de Kontrakter déi an de läschten zwee Joer op en Enn komm sinn erauszefannen, allerdéngs geet aus dësen Donnéën net ervir aus wéi engen Grënn déi Kontrakter op en Enn komm sinn (ob d'Leit démissionéiert hun, ob se gekënnegt kruten, etc).

Luxembourg, le 8 février 2022

(s.) Georges ENGEL
Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie
sociale et solidaire